



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Sam Tanson, Ministesch fir Justiz, op d'parlamentaresch Ufro
n° 5573 vum 25. Januar 2022 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen**

Ad Fro 1 : Ech wëll virop ënnersträichen dass een den Asaz vun digitale Waffe bei sougenannten *First-Person-Shooter* Videospiller net mam reellen Asaz vu Waffen, a méi genau vu Waffen am Kader vum Sportschéissen, an een direkte Verglach ka setzen.

Sou ass ët zum Beispill bei digitale Spiller am Allgemengen, nëmme ganz schwéier, wann iwwerhaupt, ze kontrolléiere wien, wou, wéi a wéini genau, esou e Spill benotzt. Doriwwer eraus ass et esou dass fir des Zort vu Videospiller, ausser engem virgeschriwwene Mindestalter, keng weider Regele virgesi sinn, wat d'Benotze betrëfft.

Dofir sinn ech der Meenung dass an der Realitéit grad duerch Dispositiounen déi am neie Waffegesetz stinn, dat den 20. Januar 2022 an der Chamber gestëmmt ginn ass, an déi kloer definéieren, wéi, wou, a wéi engem Kader, an ënnert wat fir enge Konditiounen Mannerjäreger dierfen eng Sportschéissaktivitéit duerchféieren, ebe genau méi streng Regeln virgesi sinn, wéi dat de Fall ass bei digitale Videospiller.

Wat elo d'Erofsetze vum Mindestalter fir d'Sportschéissen am Verglach zum initiale Projet de loi vu 14 op 11 Joer fir d'Ausstelle vun engem Sportswaffeschäi fir Net-Feierwaffen (z.B. Loftpistoul, Loftgewier) un een Mannerjärege vun 11 Joer betrëfft, esou sinn déi Konditiounen genau am Artikel 25 (5) vum neie Waffegesetz geregelt. Esou muss de schrëftlechen Accord virleien vun der Persoun déi d'autorité parentale iwwert dëse Mannerjärege huet. Et dierf och just mat de virgenannte Net-Feierwaffe geschoss gi wann entweder d'Persoun déi d'autorité parentale iwwert dëse Mannerjärege huet derbäi ass, oder eng Persoun déi op mannst säit 2 Joer Titulaire vun enger *autorisation de port d'armes* ass, an et muss och eng explizitt Recommandatioun an deem Sënn vun enger agreéierter Sportfederatioun vum Sportsministère virleien. Des Ännerung ass op eng Proposition vun der Sportsschéissfederatioun (FLTAS) zeréck ze féieren.

Wéi een och aus dem Commentaire zum amendéierten Artikel 25 (initialen Artikel 23) vum Projet de loi n° 7425¹ kann noliesen, huet dësen Alter zum Zweck dem Alter, deen an aneren europäesche Länner gëllt, méi nozekommen, an esoumat dës Lëtzebuerger Kompetitiounssportaart méi performant ze maachen, andeems ee potenziellen Talenter erméiglecht, fréi een héije Kompetitiounsniveau z'erreechen an domat erfollegräich un europäeschen, respektiv internationale Kompetitiounen kënnen deelzehuelen. Heimat soll och

¹ Projet de loi 7425, doc. parl. 7425⁰⁷



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

kee generellt Ausstelle vu Sportswaffeschäiner vu Net-Feierwaffen u Mannerjäreger vun 11 Joer un entstoen, mee et geet just drëm fir eebe genau deenen Talenter déi sech frei bemierkbar maachen an dëser Discipline, d'Chance ze ginn, och schnell een héije Kompetitiounsniveau kennen z'erreechen.

Ad Fro 2 : Nee.

Lëtzebuerg, den 2^{ten} Februar 2022.

D' Ministre de la Justice

(s.) Sam Tanson